

Lëtzebuerg, de 25. Abrëll 2020

## Vertrauensbroch duerch den Educationnsminister

D'FÉDUSE/Enseignement-CGFP ass **net prinzipiell dogéint, d'Schoul schrëttweis erëm ulafen ze loossen**. Wéi wuel all Enseignant stellen awer och mir eis momentan eng Hellewull Froen, wéi d'Reprise ënnert deenen ugekënnegte Konditioune soll geléngen a virun allem, ob d'**Schüler an d'Enseignante genuch kënnen geschützt** ginn.

Zudeem di mir eis schwéier, verschidden Decisioune vum MENJE kënnen nozevollzéien, sou ënnert anerem, **firwat bei de Primaner déi obligatoresch physesche Presenz net just op déi verbleiwend Prüfungen beschränkt gëtt**.

Ausserdeem kënnen mir net verstoen, firwat sech an enger éischer Phase net just op d'Presenz vun deene Schüler beschränkt gëtt, fir déi dat kommend Schouljoer eng wicteg **Orientatioun usteet, respektiv fir déi, déi „à distance“ net konnte betreit ginn**. Dëst géif nämlech éischer erlaben, déi ganz streng Reegele vum „social distancing“ iwwerhaapt kënnen anzehalen.

Och am Enseignement ass et besonnesch a Krisenzäiten immens wicteg, dass all d'Acteuren **enk zesummeschaffen, an NET géinteneen!** Den Educationnsminister huet bis ewell awer – mat Ausnam vun zwou reng informative Videokonferenzen, déi jee weils ganz kuerz virun där offizieller Pressekonferenz aberuff goufen – d'FÉDUSE/Enseignement-CGFP **trotz hirer haushéijer Representativitéit am Enseignement secondaire als Dialogpartner komplett ignoréiert**.

No iwwert enger Woch „**Funkstille**“ aus dem MENJE huet eis gëschter vum Terrain d'Informatioun erreicht, dass fir d'Enseignanten am Secondaire d'**Schouljoer bis de 17. Juli soll verlängert ginn**. Dovun ofgesinn, dass dës Moosnam méi nei Problemer schafft, wéi se der léist, gouf se weder am Virus mat eis diskutéiert, nach goufe mir iwwerhaapt doriwwer informéiert. De Comité vun der FÉDUSE/Enseignement-CGFP empfennt dësen

**Elenggang säitens dem Educatiounsminister als grouse Vertrauensbroch – dat grad elo, wou et drop ukënnt, dass mir all zesummen un engem Strang zéien!**

**Och d'Enseignanten hunn duerch hiren onermiddlechen, fir si selbstverständlechen Asaz a ganz vill zousätzlech Aarbecht dofir gesuergt, dass zanter dem Ufank vun der Kris d'„Schoul doheem“ konnt esou gutt wéi méiglech weiderlafen. Vill vun hinnen, genee wéi vill aner Elteren, hunn de schwierege Spagat vun der duebeler Belaaschtung mat grousem Engagement misste meeschteren. Mat dëser Decisioun vu gëschter gouf all deem iwwehhaapt net Rechnung gedroe – ganz am Géigendeel, d'Enseignante goufe **ferm virun de Kapp gestouss!****

**Well ënnert dëse Konditiounen eng Zesummenaarbecht net méiglech ass, besteet de Comité vun der FÉDUSE/Enseignement-CGFP dringend op e klärend Gespréich mam Educatiounsminister Claude Meisch!**

**Als national representative Syndicat fir den Enseignement secondaire fuerdere mir, ganz enk an och eeschthaf an d'Prozedur vum Relancement vun der Schoul agebonnen ze ginn! Nëmmen zesumme kënnen mir dës Kris meeschteren.**

De Comité vun der FÉDUSE/Enseignement-CGFP